

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

De Kulturministère ass amgaang, een Deontologiekodex auszeschaffen am Híbléck op déi finanziell Ënnerstëtzung vun Acteuren aus dem Beräich vu Konscht a Kultur. An engem Artikel am *Lëtzebuurger Wort* vum 28. Juli 2021 ("Sommerhausaufgabe an die Szene") gëtt deen Entworf esou beschriwwen:

Im Entwurf werden sieben zentrale Werte definiert: „La compétence“, sprich das Erfüllen der Missionen mit allem Professionalismus, „Le respect“ – die Institution als Hort der sozialen Kohäsion und Antidiskriminierung –, „La rémunération juste et équitable“, „L'intégrité“ – damit die Verhinderung von Machtmissbrauch qua Amt –, „L'égalité des chances“, „L'égalité des genres“ und „La transparence“. Diese werden in insgesamt 46 Prinzipien „de bonne conduite et de gouvernance“ ausdekliniert. Es sind 17 Seiten – jedes Prinzip ist mit Regelungen versehen.

Den Entwurf vum Deontologiekodex ass dann och un d'Medie weidergeleet ginn. Vun Acteuren an der Konschtzeen gëtt gefaart, dass de Kulturministère sech mat dësem Kodex als moralesch Instanz wëll positionéieren an dass de Kodex ee staatlechen Agrëff an d'Konschtfräiheet bedeit, well de Kulturministère all d'Acteuren, déi staatlech Finanzhëllef kréien oder kréie wëllen, zu engem gemeinsame Wäertekanon mat entspreche Verhalensreegele verflícht.

An deem Kontext hunn ech eng Rei Froen un d'Madamm Kulturminister:

- 1) Ass et méiglech, den Entwurf vum Deontologiekodex, dee bei Journalisten zirkuléiert, ze gesinn?
- 2) Ass et néideg, dass de Kulturministère als moralesch Instanz der Konschtzeen seng Moralvirstellungen imposéiert?
- 3) Sti moralesch Fuerderungen net am Géigesaz zur Konschtfräiheet?
- 4) Wéi eng Instanz soll iwver d'Anhale vun de moralesche Fuerderungen urteelen? Sollt een net als Kulturministère d'Konschtfräiheet respektiv d'Meenungsfräiheet an hirer Totalitéit respektéieren a Verstéiss géint d'Zivilitéit (z.B. Diffamatiounen oder Opriff zur Gewalt) der Justiz iwverloossen?

- 5) Konscht ass oft provokant, entsprécht net ëmmer dem Mainstream an dem politeschen Zäitgeescht. Si ass och alt mol antihumanistes, antisozial, vulgär, spillt mat Virurteeler a Stereotypen, ass deelweis brutal oder primitiv, ka sech souwuel fir d'Gläichstellung vun de Geschlechter ausschwätze wéi och dergéint, ka fir d'Doudesstofsinn oder dergéint, ka fir eng multikulturell Gesellschaft anrieden oder och dergéint sinn, asw. Et gi vill Beispiller dozou, wéi zum Beispill d'Bicher vum Louis-Ferdinand Céline a Jean Genet oder d'Filmer vum Quentin Tarantino oder Lars von Trier. Ass d'Madamm Ministesch bereet, d'Konschtfräiheet bedéngungslos ze respektéieren an d'Konscht och da finanziell ze ënnerstëtzen, wa se de Moralvirstellung vum der aktueller Regierung net entsprécht?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten